N°1939
Entrée le 18.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°1939 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwer Structures d'hébergement fir Demandeurs de protection internationale.**

**Ad 1)**

Den Accueil vu Leit, déi am Grand-Duché internationale Schutz sichen, ass eng Tâche vun nationaler Wichtegkeet, bei där verschidden Acteuren gefuerdert sinn. D'Gemenge sinn an deem Kader e ganz wichtege Partner, net just wat d'Mobiliséierung vu Gebaier an Terrainen fir d'Schafe vun Accueilsstrukturen ugeet, mee och wat spéiderhin d'Integratioun an dat lokaalt Zesummeliewe betrëfft.

Ugesiichts vun der héijer Auslaaschtung vum ONA-Reseau an der Tatsaach, dass dem ONA e gudden Deel vun de Strukturen nëmmen temporär zur Verfügung gestallt goufen, hunn ech als Accueilsminister vun Ufank u vun dëser Legislaturperiod decidéiert, proaktiv op d'Gemengen am Land duerzegoen, fir mat hinnen ze kucken wéi e gemeinsame Projet realiséiert kéint ginn. An deem Kader geet et virun allem drëms, déi verschidde lokal Responsabel op déi aktuell Situatioun am Accueil ze sensibiliséieren, an op eventuell Froen a Bedenken ze reagéieren. A priori ass den ONA Preneur fir all Terrain oder Gebai, allerdéngs muss all Fall eenzel analyséiert ginn, fir ze kucken ob, a, wa jo, wéi eng Struktur drop realiséiert ka ginn.

Sou ass zum Beispill en Terrain vun 10 Ar néideg fir eng modular Struktur mat 29 Better drop ze stellen, op 16 Ar kann den ONA zesummen mat der Administration des bâtiments publics 58 Better schafen an op 25 Ar sinn et 87 Schloofplazen (3 Modulbauten). Dës Baute sinn op d'Bedürfnisser vum ONA an den DPIen ausgeriicht an hier technesch Begebenheete goufen an engem Cahier des charges festgehalen.

Eng aner Piste ass fir méi kleng Wunncontaineren op en Terrain ze setzen deen nëmmen fir eng bestëmmten Zäit zur Verfügung gestallt ka ginn. Dëst muss, wéi beschriwwen, allerdéngs ëmmer eenzel bewäert ginn.

**Ad 2)**

De Staat kënnt fir d'Integralitéit vun de Baukäschten op. Donierft gesäit den ONA e sozialen Encadrement genau ewéi e permanente Gardiennage vir. Den enken Echange a d'Kollaboratioun mam Edukatiounsministère, wat d'Aschoulung vun de Kanner ugeet, gëtt och vum ONA mat assuréiert.

Wa besteeënd Gebaier a Fro kommen fir DPIen ze hébergéieren, kënnt de Staat och fir potenziell Aarbechten op.

**Ad 3)**

Am Fall wou en Terrain dem ONA zur Verfügung gestallt gëtt, gëtt et am Allgemengen déi genannten Ufuerderungen vun der Mindestgréisst, mee och d'topografesch Lag vum Terrain spillt verständlecherweis keng onwesentlech Roll. Et kann och sinn, dass de PAG punktuell geännert muss ginn, fir der Utilisatioun vum ONA Rechnung ze droen. Dës Prozedur muss wéi gewinnt duerch d'Gemeng an d'Weeër geleet ginn. Et versteet sech, dass d'Gemenge och eng Baugeneemegung fir esou e Projet gi muss.

**Ad 4)**

Generell ass ze soen, dass ech als Minister fir d'Famill, d'Solidaritéit, d'Zesummeliewen an de Accueil vun all Geleeënheet profitéieren fir d'Gemengen op ënner anerem d'Besoinen vum ONA ze sensibiliséieren.

Donieft goufen et an de leschte Méint eng Rei u bilateralen Echangë tëscht mir als Minister respektiv Vertrieder vum Ministère mat follgende Gemengen:

- Differdange
- Wiltz
- Pétange
- Wormeldange
- Hesperange
- Niederanven
- Steinfort
- Habscht
- Mamer
- Sandweiler
- Strassen
- Schifflange
- Colmar-Berg
- Reckange/Mess
- Dippach
- Garnich
- Kayl/Tétange
- Rumelange
- Bascharage
- Ettelbruck
- Mersch
- Diekirch
- Beaufort
- Rosport-Mompach
- Junglinster

Donieft ass mam Gesetz vum 23. August 2023 iwwer dat interkulturellt Zesummeliewen de Gemengepakt als neit Instrument agefouert ginn. Gemengen déi dësen ënnerschreiwen, engagéiere sech dat interkulturellt Zesummeliewen op lokalem Niveau ze stäerken, d'Participatioun vun de Bierger ze verbesseren a géint all Form vu Rassismus an Diskriminatioun virzegoen. Am Kader vun den Zeremonien vun der Ënnerschrëft vum Gemengepakt ass et mer dowéinst wichteg, a menger Interventioun d'Gemengen ëmmer nees dorop hinzeweisen, dass och den Accueil vun Mënschen déi zu Lëtzebuerg Asyl ufroen, en Deel vum interkulturellen Zesummeliewen duerstellt, an op de Besoin am Beräich vun den Hebergementsstrukturen ze sensibiliséieren. Bis elo hu follgend Gemengen de Gemengepakt ënnerschriwwen:

- Bettembourg
- Differdange
- Hesperange
- Junglinster
- Kehlen
- Leudelange
- Niederanven
- Roeser
- Sanem
- Schuttrange
- Steinfort
- Strassen
- Wiltz
- Clervaux
- Echternach
- Sandweiler
- Schifflange
- Steinsel
- Beckerich
- Ell
- Grosbous-Wahl
- Mertzig
- Préizerdaul
- Rambrouch
- Redingen
- Saeul
- Useldange
- Vichten
- Dudelange
- Habscht
- Mamer
- Mertert
- Troisvierges
- Betzdorf

Weider Reuniounen mat anere Gemenge sinn och scho geplangt.

**Ad 5)**

Generell kommunizéieren den ONA an de Familljeministère eréischt iwwer e Projet wann dësen definitiv ass.

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn